



ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 20. Abrëll 2020

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Educatiounsminister weiderzeleeden.

De Krisenzoustand bréngt grouss Ëmstellungen an och vill Komplikatioune mat sech, dëst esouwuel fir d'Schüler ewéi och fir d'Léierpersonal an d'Elteren. Fir datt d'Schüler dat lafend Schouljoer net verléieren, goufe Weeër gesicht, fir d'Schoul trotz alle krisebedingten Aschränkunge weider lafenzeloossen. Dës Optioun ass awer och mat munche Kompromësser a Problemer verbonnen.

An deem Zesammenhang wéilt ech dem Här Educatiounsminister gär folgend Froe stellen:

1. Och an der Grondschoul gëtt zur Zäit staark op d'Technologie gesat, also konkret och op d'Informatik, fir d'Schüler trotz den Ëmstänn weider ze enseignéieren.
 - Gouf dobäi séchergestallt, datt all Schüler iwwert déi néideg technologesch Viraussetzung verfüügt, fir un där neier Unterrichtsform vollstänneg kënnen deelzehuelen?
 - Gouf et Schüler, déi net déi néideg Viraussetzungen haten? Wéi vill därer Fäll gouf et a wat gouf hei ënnerholl? Wat gëtt gemaach, fir kee Schüler ze benodeelegen?
2. Fënnt den Här Minister, datt – esou wichteg d'Technologie an den Internet haut och ëmmer sinn – weiderhin och nach aner, méi traditionell Informatiouns- a Wëssensquellen hir Wichtigkeet am Unterricht behale mussen?
3. Wéi steet den Här Minister, onofhängeg vum Krisenzoustand, zum ëmmer weider verstärkte Gebrauch vun technologeschen Unterrichtsmëttelen am Schoulalldag an am Unterricht?

4. Huet den Här Minister Bedenke wéinst de wëssenschaftlech bekannte Schied op Kuerz- oder Laangzäit vum iwerméissege Gebrauch vu Computeren an aneren technologeschen a reng visuelle Medien an der Schoul, wéi z. B. d'negativ Auswierkungen op d'Vue (d'Fäegkeet ze gesinn), d'negativ Aflëss op d'Wuelbefannen am Alldag duerch Kappwéi, séiert Ermidde vun Aen a Geescht, Konzentratiounsproblemer, Ënnerentwécklung vun der Feinmotorik a vun der raimlecher Orientéierung, asw.?
5. Ass den Här Minister a Kenntnes iwver d'Wichtigkeet an d'Virdeeler vum Schreiw mat der Hand an dem Liese vum Pobeier fir d'Entwécklung vun der Feinmotorik, esou wéi och fir d'neurologesch Verschaffen a Memoriséiere vun Informatiounen? Ass den Här Minister der Meenung, datt d'Schreiw mat der Hand an d'Liesen um Pobeier dowéinst wichtig sinn, fir dem Schüler seng Entwécklung a Léierfäegkeet? Wa jo, wéi wëll den Här Minister déi Kompetenze bei de Schüler ënnerstëtzen an ausbauen?
6. Fënnt den Här Minister, datt och an dëser aussergewöhnlecher Situatioun de Pobeier eng Méiglechkeet fir d'schoulescht Schaffe bleiwe muss (Aarbechtshefter mat handschrëftlechen Aufgaben an Übungen, eng Aart Broschüren, Liesbicher asw.), esou, datt den Internet, de Computer an all méiglech technologesch Medien de Schoulalldag net vollstänneg dominéieren? Wa jo, wat ass virgesinn, fir datt dëst och reell ëmgesat gëtt?
7. Eng Rei vu Schüler konnten iwver méi laang Zäit net erreecht ginn. Wat woren d'Ursaachen? Wat fir Konsequenzen huet dëst op de Verlaf vun deene betraffene Schüler hirem Schouljoer?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser
Deputéierten